

## INTERVIEW

LITERATUR

# „Lëtzebuerg ass verbonne mat engem Imperativ“

Den Interview huet de Frédéric Braun gefouert.

**E Familljebesuch zu Lëtzebuerg, um Bauch liesen am Gank an e Brudder dee sech selwer opësst: „The Hook“ ass dem Florence Sunnen hir éischt Novell.**

**woxx:** Wann een „The Hook“ liest, stellt een eng gewëss Tendenz zum Grotesken hi fest. Géifs du soen, datt dat eng Charakteristik vun dengem Schreiwen ass? Wa jo, wou mengs du datt déi hierkënnt?

**Florence Sunnen:** Ech schreiw vill iwwer de Kierper, besonnesch de Kierper als Manifestatioun vun enger mentaler Verännerung. Ech mengen allerdéngs net, datt ech mech besonnesch mat dem physisch Groteske befaassen; et geet mir éischter ëm dat, wat un de Relatiounen tëschent de Leit, besonnesch un hire Reaktiounen zoueneen, grotesk ass. Meng Personagen sinn oft Leit, déi sech aus der Logik an de Reaktiounen vun hirem Ëmfeld net kloer ginn, déi versiche sech unzepassen an anzeliwen, mee domat dach iergendwéi an der Däischtert ronderëmtaaschten. Si kënnen sech selwer net kloer matdeelen, well si net d'Gefill hunn, d'Signaler vun hirem Ëmfeld net richtig z'empfangen an ze verstoen. Vläch lait doran och en Onversteesdemech vun deem, wat fir aner Leit normal ass. All Mënsch huet seng perséinlech Hemmschwell, seng eegen Iddien dorwäert wat logesch a raisonnabel ass, an dat gesäit een oft doranner wéi si engem anere Mënsch säi Behuele verstinn oder bewäerten. Menge Personage feelt oft e Grondversteesdemech vis-à-vis vun der Logik vun hirem Aussewelt, an dorausser entsteet fir mech dat Groteskt.

*Ouni ze vill ze verroden, kéint ee soen datt „The Hook“ en Text iwwer d'Erwaardungen ass, déi un eis gestallt ginn a wéi mir domadder ëmginn.*

Erwaardungen, op se elo vum sozialen Ëmfeld oder vun engem selwer kommen, si fir mech ëmmer spannend, an d'Frustratioun vun Erwaardungen an all hire Forme si ganz oft e groussen Deel vum Konflikt aus deem eraus ech schreiw. Ech sinn oft laang Zäit net zefridde mat deem wat ech schreiw, an ech schreiw meng Texter ëmmer nees frësch, oft sechs, aacht, zéng Mol, bis ech eng Versioun erreechen, déi fir mech sproochlech a strukturell an der Rei ass. Beim Frëschschreiwen entstinn natierlech och ëmmer nees Problemer: Saache muss verschwannen, et kommen nei Tippfeeler bäi, eng al Szene passt op eemol net méi bei den Toun vum Rescht ... Dat läit alles gréisstendeels doran, datt ech beim Schreiwen net besonnesch strategesch virginn, a vill instinktiv Decisiounen maachen, dofir dauert et einfach méi laang bis alles a mengen Ae kohärent ass.

**Wat bedeit et fir dech perséinlech eng Schrëftstellerexistenz ze fëieren?**

Eng Schrëftstellerexistenz bedeit fir mech, sech ëmmer nees mussen bewisen - leider, mee och zum Gléck. Meng Erfahrung vu Lëtzebuerg ass verbonne mat engem Imperativ vun „eppes erreechen“, also op e kloer Zil hinzeschaffen, zum Beispill eng Carrière, oder e bestëmmte Familljestand, a wann een et bis dohi gepackt huet, ass een op engem Plateau, wou

ee sech kann entspannen - frivol gesot, wou een op d'Pensioun ka waarden. Natierlech ass et ni wierklech esou einfach a kloer gezechent. Et ass fir mech heiansdo beängschegend, mee och befreiend, e Wee anzeschloen, wou d'Ziler weder kloer sinn, nach e permanente Wäert erreechen. Eppes publizéiert kréien ass fir e Schrëftsteller e grouss Schrëtt, mee et ass och een, deen net laang am Sand siichtbar bleift. Et muss een ëmmer Neies erstriewen, probéieren, an dann och erreechen, mee wéi bei villen anere Projeten klappt dat oft net.


**Ass et egal, wou ee wunnt oder gëtt et Plaze wou et engem als Schrëftsteller besser goe géif wéi zu Lëtzebuerg?**

Ech mengen et ass scho wichteg, wou ee wunnt. All Plaz kann engem nei Optiounen verschafen, wann een der brauch. Zu Coventry leeft zwar keng,

mee d'Liewen ass bëlleg a meng Kollege wunnen hei. Dat ass kee ganz idealistesche Grond fir hei ze wunnen, mee am Moment ass et och kee schlecht Argument. Wat mech dovun ofhält, zréck op Lëtzebuerg ze kommen, ass net just de Fait, datt d'Liewen do einfach ze deier fir mech ass, mee och well ech mierken, datt ech, wann ech meng Elteren doheem besichen, ëmmer an eng Vakanzementaliteit verfalen. Op eemol sinn ech nees 19 Joer al an hu kee Plang. An England fillen ech mech méi erwuessen, och wann dat gréisstendeels op enger Illusioun berout. Fir ze schreiw brauch ech e Wunnuert, wou ech mech net ausseruerdentlech vu sozialen Imperativen oder finanzieller Suerge bedrängt fillen, a wou ech mer meng eege Routinë kann opstellen. Anscheinend fällt mir dat méi liicht op enger Plaz, mat där ech nach keng esou laang Verbindung hunn. Zu Lëtzebuerg ass meng Kandheet, en Deel vu menger Geschicht, a meng Famill. Déi Saache loosse sech besser genéissen, wann d'Schreiwen net dertëscht kënnt. Elo kënnt allerdéngs geschwënn dee politesche Problem, an dee sech Groussbritannien verwickelt huet, op mech an aner Europäer duer; wie weess, vläch gëtt mir dat och eng aner Perspektiv.

**Wat hues du gär un dengem Exil?**

Déi Saach mam Exil ass zweeschneideg. De Fait, datt ech hei wunnen, ass kee richtig aktive Choix mee éischter en Iwwerbleibsel vu menger Studienzäit: No mengem Master sinn ech einfach an England bliwwen. Et huet Sënn gemaach: Ech hunn hei Bezéiungen, déi ech net wollt opginn,



Fillt sech an England méi  
erwuessen: d'Florence Sunnen, 31,  
zu Coventry an de Midlands.



an ech wollt och einfach kucken, wat ech hei nach kéint erreechen an erliewen. Et gefällt mer, datt England zu mengem Schreif-Land ginn ass, och wa meng éischt Joren hei net einfach waren. Allerdéngs ass do och de Problem mat der Britescher Literatur: Et ass eng Literatur, déi eng immens staark Identitéit huet, a just well een op Englesch schreift, ass een nach laang net Deel dovun. Lëtzebuerg, esou hunn ech d'Gefill, ass do scho méi flexibel an oppen fir all méiglech Stëmmen. Lëtzebuergesch Literatur schéngt sech erneit ze definéieren, all Kéiers wou eng nei kënschtlersch Stëmm an si antrëtt; déi Britesch Literatur ass esou vaste, datt se scho bal predeterminéiert ass. Dat géllt allerdéngs haaptsächlech fir déi mainstream Publikatiounshäuser, an dofir hunn ech och eng Virléift fir d'Indie Presses entdeckt. Si stellen eng Aart Rettung duer: Si publizéieren mat Freed Saachen, déi net an déi grouss Këschte passen, dobäi och Villes wat tëschent de Genrë läit. Déi wuesend Unzuel u klengen, onofhängege Publikatiounshäuser mécht Groussbritannien zu enger wierklech gudder Plaz fir ze schreiwen.

**Wéi hues du d'Literatur an d'Schreiwen entdeckt? Wat woren d'Obstakelen déi's de op dengem Wee zu „The Hook“ hues missen iwwerkommen? Du bedreifts jo och e Blog ...**

Ech erënnere mech net richtig dorunner, wéi eescht ech d'Schreiwen frëier geholl hunn. U sech ass dat och egal, well ech mengen, datt et fir mech wichteg war, et als Erwuesse-ness nei z'entdecken, ze gesinn,

datt een d'Schreiwen och op eng methodesch a bewusst Manéier ka bedreiwen, an net einfach als eppes, wat einfach esou op d'Blat fléisst. Dat huet sech hei an England während mengem Philosophie Master er- ginn: Ech hunn der Uni Warwick hire Creative Writing Department fonnt, an no der Philosophie hunn ech mech direkt fir e Master am Creative Writing ageschriwwen. Ech erënnere mech, datt ech am Ufank fuerchtbar Angscht hat, Saachen z'iwwerliesen, déi ech grad geschriwwen hat, an ech wollt scho guer net, wéi eise Proff eis et un d'Häerz geluecht hat, meng Saachen haart virlesen. Elo mécht et mir Freed, viru mengem Bildschirm ze setzen a mat mir selwer ze schwätzen, well dat mécht schluss- endlech e groussen Deel vum Schrei- wen aus. „The Hook“ ass op eng rela- tiv onspektakulär Manéier entstanen: Nodeems déi selwecht Geschicht an enger Competitioun ofgeleent gi war, hunn ech Nightjar Press op Twitter fonnt, a si ugeschriwwen fir ze froen, op si un enger Kuerzgeschicht Inter- esse hätten. Den Nicholas Royle, den Editeur vun Nightjar, huet eppes à la „Jo, schéck emol“ zréckgeschriwwen, an no engem Mount krut ech vun him eng E-Mail an där stoung, e wëilt d'Geschicht gär als Pamphlet, also als elengstoend Kuerzgeschicht, pub- lizéieren. Zum Thema Blog: Dee Blog (een ënner ville „failed attempts“) funktionnéiert am Moment éischter als Roppelkummer fir Notizen, déi u mech selwer adresséiert sinn, a fir kleng Texter, déi nach net wierklech publizierbar sinn; ech geheie se dann och nees vum Blog erof, wann se anzwousch anescht publizéiert ginn. De Blog ass eng gutt Manéier, fir sech

un dee Vertige vun der Publikatioun, also der potenzieller Liesbarkeet, ze winnen, ouni sech mussen an d'Fanger ze bäissen, well do elo awer nach en Tippfeeler ass oder e Gedan- ken deen ee gär a méi Detail weider- féieren géif. Et ass e gudden Tësche- stopp virun der „Schlussendlechkeet“ vum publizéierten Text.

**Wat wënschs du dir an de nächste Joren z'erreechen?**

Am Moment schaffen ech dorun, all meng Geschichten esou ze redigé- ieren, datt se mir „gutt genuch“ er- schéngen. Ech wëll geschwënn eng Handvoll Geschichten a kuerz Texter als Sammlung zesummeleeën, an déi dann hoffentlech hei an England pu- blizéieren. Ech hunn och eng Lëscht vun Agenten, déi ech wëll uschrei- wen - mee well ech schei a perfek- tionistes sinn, waarden ech dofir nach op de richtige Motivatiouns- schub. Ech schaffen ausserdeem grad u menger éischter méi laanger Er- zielung hei an England ginn déi ent- weder als „Novella“ oder „Long Sto- ry“ bezeechent, an och un engem

Filmscript fir en Horrorfilm iwwer Planzen, dat ass allerdéngs kee be- sonnesch seriöse Projet, an éischter eppes wat ech maachen fir mech sel- wer a meng Kollegen z'ameséieren. Et wier schéin, geschwënn nees eppes ze publizéieren, oder och nees méi an anere Sproochen ze schreiwen. Ech hunn et och immens cool fonnt, wéi vill Leit an de leschte Joren op Lëtzebuergesch publizéiert hunn, an ech hoffen dat geet esou weider, well d'Literatur enger Sprooch ein- fach nëmme Guddes kann doen. An de leschte Joren hunn ech relativ ex- klusiv op Englesch geschriwwen, mee Däitsch a Franséisch feelee mir. Mee dat Gutt um Engleschen ass, wéi flexi- bel, verännerungsfreedeg, a villsäiteg et ass, an et ass eng Sprooch an där et fir mech nach Villes z'erfuersche gëtt.

Dësen Interview gouf per E-Mail gefouert.  
<https://interiordasein.wordpress.com/>  
<http://nightjarpress.weebly.com>